# WANDROUS

**LIONS BLEUS**
Ausgab N°378
**SEPTEMBER-DEZEMBER**

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## FNEL LX ‚Mowglica 21'



**UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus'

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

MAMMUT
SCARPA
PETZL
THERM-A-REST
Lowe alpine
maloja
hanwag
Jack Wolfskin
deuter
THE NORTH FACE
LOWA simply more...
KEEN
patagonia
Teva
VAUDE
PRIMUS
HAGLÖFS
FJÄLL RÄVEN
icebreaker
GARMIN
MEINDL Shoes For Actives
MSR
TATONKA

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir déch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier




**d'LIONS BLEUS**
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**,
wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




**www.viking-adventures.de**

# CHEFFEN 2021-2022

## Simply present LBB-STAFF for 2021-2022:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Adrien (Bagheera)
ENGLEBERT Lara (Spitzki)
HEINEN Catherine (Kaa)
FISCHER Manon (Tamia)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**<u>BEAVER (BV)</u>**
FRISCH Danie (GriGri)
VINANDY Liana (Barry)
ORELLANA Ruben (Reebou)
FLAMMANG Raphaël (Hawky)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**<u>MEUTE (LX)</u>**
FLAMMANG Adrien (Bagheera)
HEINEN Catherine (Kaa)
ENGLEBERT Lara (Spitzki)
RODESCH Jasmine (Matka)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**<u>TROUPE (SG)</u>**
LAMAMRA Harry
MAJERUS Ketty
PEPIN Cédric
PIRON Aleksis

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**<u>EXPLORER (EX)</u>**
MAJERUS Max
FLAMMANG Raphaël

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**<u>ROVER (RO)</u>**
HEINEN Nora (Quagga)
SCHMITT Lena (Inia)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**<u>TEMBO (TB)</u>**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# FICHE MÉDICALE 2021-2022

**Léiw Elteren,**

Vum lëtzebuergëschen Gesetz hir sinn mir verpflicht, ëmmer um neisten Stand ze sinn, waat d'Gesond-heet an d'Wuelbefannen vun ärem Kand ugeet. Dowéinst wëllen mir Iech bieden, fir d'Scoutsjoër 2021-2022 eng Fiche Médicale auszefëllen an den Cheffen oofzeginn. Dës ganz Donnéen ginn vertraulëch behandelt an ginn vun den jeweilegen Cheffen en Diskretion stockéiert.
Gesetzlech sinn mir ausserdem verpflicht, no engem Joër dës Fichen ze vernichten, esou dass keen méi Accès op dës Donnéen huet.
Dës Fiche fann dir op eisem Site ënnert dem Lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Déi komplett ausgefëllten/ënnerschriwwen Fiche Médicale kënn dir dem respektiven Chef oofginn oder op eis Boite Postale schécken.
Leider kënnen mir ärt Kand nët méi matzehuelen, wann dës Fiche nët bis den 2.Oktober 2021/ respektiv fir Montée richteg ausgefëllt an bei ons ukomm ass.

Merci fir ärt Versteesdeméch




**Chers parents,**

Vu la législation luxembourgeoise, nous sommes obligés à être à l'actuel de la santé et du bien-être de vos enfants. C'est pourquoi par la présente, nous vous demandons de remplir correctement et signer une fiche santé individuelle de votre enfant pour l'année scoute 2021-2022 et de la remettre aux responsables respectifs. Ces données évidemment personnelles sont garantis à être traitées avec discrétion et ne sont utilisés que par les personnes responsables concernées.
Egalement, obligés par loi, après 12 mois, nous procédons à la destruction définitive des données pour supprimer tout accès aux données confidentielles.
Vous trouverez cette fiche sur notre site internet sous le lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Nous vous prions alors de bien vouloir remettre cette fiche dûment remplie aux responsables respectifs ou de l'envoyer à notre boîte postale.
Votre enfant ne peut malheureusement plus participer aux activités, si cette fiche n'est remplie et remise avant le 2 octobre 2021, respectivement pour la montée.

Merci pour votre compréhension

**Meilleures salutations scouts :)**
Gremium chefs de groupe

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskuss-iounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.

  Dëst op d'Adress: ..............................................................................

- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.




**Bass du frou mat Déieren aller Aart? Sierf ët eng Kou, een Schwäin, Hénger oder Geessen?**
**Wolls de schon ëmmer eng Kéier wëssen wéi ët op engem Bauerenhaff leeft an waat een do maachen kann?**
**Ma dann ass dëst Joer däi Glécksdaag, wëll Mir bréngen den Bauerenhaff bei dech !**

**Flott Spiller, Aktivitéiten am Thema, eng flott Ambiance an super séiss Déieren erwaarden dëch hei >>> Also mell dëch séier un !**

**WÉINI:** Samstes den 18.September 2021
**WOU:**Home Lions Bleus
**START/SCHLUSS:** > 14h00 - 17h00


**UNMELLDUNG:**
Mell dëch w.g.l. un/oof per Mail/Souche op
cg@lionsbleus.lu
**MIR freen eis**

**WAAT BRAUCH ECH:**
TipTop Uniform, Foulard, Bidon mat Waasser, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, dem Wieder ugepassten Kleeder, Kaap, Mask, etc ...



**Ech ........................................................ erlaaben mèngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover/Tembo**

**........................................................ un der Gruppen-Versammlung '21 den 18.09.2021 zu Bouneweg deelzehuelen.**



**Ënnerschrëft vun den Elteren ........................................**

# GRUPPEN-MONTEE | FIR BV/LX/SG/EX/RO/TB



**En neit Scoutsjoer fänkt un.**
Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, dèi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maan. Sou gët aus engem grousse Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen e klengen Scout an aus engem groussen Scout e klengen Explorer.
Mell dëch also sèier un, fir déng Scoutskollegen op dësem Wee ze begleeden an zesummen e flotten Weekend ze erliewen.



**Wèini:** **2.-3.Oktober 2021**

| | |
|---|---|
| Beaver(BV): | 2.Oktober 21 um 9h00-14h00 jeweils beim Home LBB |
| Wellëf(LX) RV 1: | 2.Oktober 21 um 11h00-17h00 beim Home fir alleguerten Wellëf déi d'Montée net selwer maan. |
| Wellëf (LX) RV 2: | 2.Oktober 21 um 18h00 beim Home LBB fir déi Wellëf wou d'Montée erop an d'Scouten maan! |
| Start SG/EX: | 2.Oktober 21 um 14h00 bei der Bouneweger Kierch |
| Schluss SG/EX: | 3.Oktober 21 um 15h00 beim Home LBB |

**Präiss:** **21,00 €**, bis den 29.September 21 op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée'21 + Numm vum Participant.
> **Bezuelen muss jiddereen deen do schléift** (BV & jonk LX also nët)


**Souche:** Oofzeginn/mailen op cg@lionsbleus.lu bis spèidstens den 29.September 21 !!!

**Waat brauchen SG/EX an LX déi Montée maachen:**
Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht, Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong.....

**JIDDEREEN brauch Material** : 1 Becher/Bidon mat hierem Numm drop an natierlech eng Mask wéi och eng Ersatzmask. **Opgepasst !!! BV & LX** brauchen een **Pic-Nic fir SA-Mëttes** !!!

**>>> RAPPEL:** Fiche médicale fir 2021-2022 ass korrekt/komplett auszefëllen an bis spéidstens Montée op Pabeierform oofzeginn bei den Cheffen !!!

**d'CheffenEkipp**




Ech ………………………………………………… erlaaben
ngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer

……………………………………………...................……..

un der **Montée 2021** vum **2.-3.10.2021**
zu Bouneweg deelzehuelen.

……………………………………

Ënnerschréft vun den Elteren



# VIIZ-WEEK&ÄPPELSTUFF | AB SCOUTEN



An der Hoffnung dass mir dës Joër méi Äppel hun, maachen mir erëm een ViizWeekend. Samsdes gesinn mir eis moies fréi ier d'Sonn opgeet beim Home fir dann zesummen duerch onst Ländchen ze fueren, op der Sich no deenen schéinsten an beschten Äppel. Se ginn geraaf & geplèckt, d'Beem gi gerëselt an geheemelt. Sonndes dann ginn d'Äppel raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckselt, gekeltert, gestériliséiert, gedronk & giess...

**> Looss dir deen Gaumenschmauss nët entgoën!!!**

**RENDEZ-VOUS** & **RETOUR**:
16. Oktober 2021 um 8:30 Auer
17. Oktober 2021 ab 16:30 Auer
jeweils beim Home LBB.

**>>> Ab 15:00** Auer sinn d'Elteren härzlëchst op e Patt fräschgepresste Viiz an e Stèck Aeppelkuch an eis Äppelstuff (Alles fir 1€) angelueden & **natiirlech och BV & LX mat Elteren & Frënn :)**

**PRAISS**: 25 Euro sinn bis den 9. Oktober 2021 ze iwwerweisen op de Compte BCEE Les Lions Bleus-Rover (LU83 0019 4955 9103 3000)

**SOUCHE:** Ass oofzeginn bis den 9. Oktober 2021 bei dèngen Cheffen.

**MATERIAL:** dem Wieder ugepasste Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Schloofsaack, fest Schong, Wäsch-saachen, Schaffhännchen, ...




Onoofhängeg op's du mat um Viizweekend dobai bass, invitéieren mir Dëch, dèng Famill an Frënn härzlech op eis **Äppelstuff**, den **17. Oktober 2021** ze kommen an mat eis zesummen e Stèck Kuch ze iessen oder e Glas Viiz ze drènken.

**Umellen kanns du dëch och mat dëser Souche!**

Ech ________________________________

◯ ginn gären mat op den **Viizweekend 2021** vum 16.-17.Oktober 2021.

◯ mellen mëch un fir d'**Äppelstuff den 17.Oktober** & mir kommen mat ____ Leit.

________________________
(Ennerschreft vun den Elteren)

# home lbb LBB SECOND HAND shop 23.10.21

## VERKAAFEN

Du hues vill **Scoutssaachen** doheem déi **ze kleng** sinn oder **net méi gebraucht** ginn an awer **ze schued** si fir fort ze geheien?
Dann ass daat hei deng Geleeënheet fir deng Saachen en neie Besëtzer ze fannen:
Den **LBB-Second-Hand-Shop!**

Op dësem Dag kanns du dir am **Home LBB** en Dësch lounen an e Stand mat **denge Scoutssaachen** maachen fir dës ze **verkafen**!

Egal op Rucksak, Schlofsak, Uniform, Messer, oder Gamelle. Alles kann hei iwwer den Dësch goen.

**Detailer:**

- Ab 14h30 kann opgeriicht ginn.
- Um 15h00 geet et lass.
- Dësch(er) am Viraus per Mail reservéieren:
  -> comite@lionsbleus.lu
- Jidderee muss sech selwer em säi Wiesselgeld oder Bezuelsystem këmmeren.

## KAAFEN

Du brauchs **neit Scoutsmaterial**, wëlls awer net an e grousst Geschäft?
Ass dir eng komplett nei Ausrüstung fir d'Scouten einfach ze deier?
Ma dann komm an eise Second-Hand-Shop stöberen! Et ass sécherlech och eppes fir dech dobäi!

**Ab 15h00 geet et lass! Komm kucken!**

## LBB-Shop

Och eisen normale **Lions Bleus Shop** huet deen Dag d'Schëld op **OPEN**!

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppesaachen** ewéi **Hoodie, T-Shirt, Foulard** & an nach **villes méi**.

Du kriss also alles wat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och Knietfir un däi Foulard, Scoutsbichelecher ewéi och de Vademecum...

**Komm** laanscht a **kaf op der Plaz** wats du brauchs...

... oder **bestell** am viraus iwwer eise **Pop-Up Shop**.
De Link dofir fënns du op eisem Site ënner der Rubrik Shop
oder direkt hei mam QR Code


## FNEL-Uniform



Du brauchs en **Uniformshiem** vun der **FNEL** mee du wees net **wéieng Gréisst** dass du brauchs**?**

Kee Problem! Komm tëscht **15h & 17h** an d'**Home LBB**. Hei hu mir **all Gréisst zur Verfügung** **fir unzemoossen**.

Duerno kanns du da ganz bequem **deng Uniform** am **e-Shop op fnel.lu bestellen!**



**Egal op Kleeder, Gedrenks oder Iessen. Lëtzebuerg huet vill ze bidden waats du nach guer net wees! Dowéinst huelen d'Rover dech mat op en Tour duerch Lëtzebuerg a weisen dir, wéivill gut a schéi Saachen Lëtzebuerg ze bidden huet!**

**Dëst ass de**

# Rover-Produzenten-Tour

**All Tour en neie Produzent!**

Dës Kéier um Menu…

Weini ? **De 24. Oktober 2021**

Fir ween ? **All Rover, ob alleng oder am Clan. (16-21 Joer)**

Treffpunkt: **Entwederum 9h00 um Glacis oder um 09h45 zu Born; 23 Duerfstrooss**

Schluss: **Entwederum 14h00 zu Born oder um 15h00 um Glacis**

Wat muss een matbrengen: **Picknick fir Mëttes**

Prais: **15 Euro pro Persoun ze iwerweisen op de Compte vun der FNEL bis de 24. Oktober 2021.**
**Fnel- Programm**
**CCPL LU56 1111 2166 1009 0000**
**Mentioun: Numm, Virnumm + Ramborn 2021**

Umellen: **Iwwer dëse Link bis den 17. Oktober 2021.**
>>> **https://forms.gle/NVXS7nN8EaWgPvsW6** <<<

# HALLOWEEN-PARTY | FIR MEUTE (LX)




Dës Joër ass ët nees esou wäit !
D'Lions Bleus lueden d'Wëllef an,
op eng grujeleg HalloweenParty bei eis am Home.
Mat Musék, Iessen, Gedrénks, Spiller & . . .



An natiirlech gehéiert eng cool an grujeleg Verkleedung och dobäi !
Mell dëch séier un, sou dat mir alleguer d'Zutaten fir den Zaubertrank bestellen kënnen.
... ha - ha - ha - ha - ha ...



__Rendez-Vous & Retour:__
Samstes, den 30.10.21 um 16:00 beim Home
Samstes, den 30.10.21 um 21:00 beim Home

__Präiss:__
5 Euro sinn op den Rendez-vous matzebréngen
__Souche:__
ass oofzeginn bis spéitstens den 23.10.2021 !!!

__Waat brauchs du:__
Eng cool & virunallem grujeleg Verkleedung ...

Heimat erlaaben ech ________________________________ mèngem Kand

________________________________ den 30.10. 2021 op d'HalloweenParty matzegoen.

Datum & Ënnerschrëft: ________________________________________





# De Grénge Rover



## Leave this world a little better than you found it.

**Robert Baden-Powell**

**Wéini ?** 07. November 2021

**Fir ween ?** Rover (16-21 Joër)

**Treffpunkt:** 13:30 beim Haus vun der natur (5 route de luxembourg, Roeser)

**Schluss:** 18:00 beim Haus vun der Natur

**Wat muss ech matbrengen:** Dem Wieder ugepassten Kleeder & Bidon mat Waasser.

**Praiss: 5 Euro**, sinn ze iwwerweisen bis den 5.November op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover" **>>>** bis spéidstens den 5.11.2021 mat der Mention "De Grénge Rover & Numm vum Participant"

**Umellen:**
bis den 31.Oktober bei déngen RoverResponsabel per Sms op den 691790692.

**Lénks Patt, Inia & Quagga**

# LBB SCHAFF-WEEKEND



**UN ALL**
**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN**
D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 20.-21.11.2021 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)
Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

## WICHTEG INFOS:

| | |
|---|---|
| Rendez-Vous: | Den 20.November 21 um ...8 Auer MAT Kaffi<br>...9 Auer OUNI Kaffi |
| Schluss: | Den 21.November 21 um 16 Auer. |
| Wou? | Natiirlech am Home. |
| Waat brauchs du? | Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun... |



**Unmelldung/Souche?**
Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: **cg@lionsbleus.lu**




Heimat mellen ech ________________________________ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 20.-21.November 2021 un & kommen Samstes op de Start:

◯ um **8 mat** Kaffi ◯ um **9 ouni** Kaffi (WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: ___________________



Als ob ët nëmmen een BearGrylls ka ginn. No dësem Weekend huet jiddereen säin Challenge bestaanen. Well wien eng Kéier beim BearGryll's sénger Survival Sortie matgemaach huet gehéiert zu den Survival-Profis. Mir bidden Iech 1 Daag laang d'Méiglechkeet Survival-Techniken ze léieren. Wann dës Sortie eriwwer ass, da kënn dir mat Liichtegkeet an all Klima an ënner allen Konditiounen an der Wildnis iwwerliewen. Also ob waat waard dir nach???
Mell Iech un, gidd zu engem Iwwerliewenskënschtler an maacht d'Wildnis zu ärem zweeten Doheem !!!




**Wèini & Wou ???**
**Départ:** 10:00 den 27.11.2021
**Retour:** 18:00 den 27.11.2021
**Adress:** Um Parking/Spillplatz vum Hotel Siewebueren
**(36, rue des Septfontaines - L-2534 Luxembourg-Rollingergrund)**

**Präiss:** **10 €** sinn ze iwwerweisen/oofzeginn
bis spèidstens den 20.11.21
op de Compte: **Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)**
mat der Mentioun "BGS'21+Numm vum Scout"

**Material:** Dem Wieder ugepasste Kleeder!!!
>>> ET GËT KAAL AN/ODER FIICHT!!!
...dem Scout sèng IwwerLiewensUtensilien
& Bidon mat Waasser ...

Ech ______________________________ mellen heimat mäin Scout/Guide

______________________________ op d'BEAR GRILL SORTIE (BGS'21)
vun den Lions Bleus, déi den 27.11.2021 stattfënnt, gär un.

Datum & Ënnerschrëft: ______________________________

**HO - HO - HO**
Si schon ganz ongedëlleg fir op Bouneweg an den Dall bei mèng allerléifst blo Léiwen ze goën an mat hinnen mäin Féierdaag ze feieren. Dëst Joër gesinn mir eis alleguerten den **3.Dezember 2021** am Home vun den Lions Bleus. Wéi ëmmer brèngen ech Ierch dann waarmen Schocki an een rieseg an knusperëchen Kuchenmännerchen mat.



Also ech sin dann Freidesowes, den **3.Dezember Punkt 18:00 Auer** am Home bei den Lions Bleus. Ech muss nach an mèngem groussen Buch checken op ech den Housécker brauch, well den brèngt dann dèi néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joër OK waren, da kann deen aalen Granzsaack awer doheem bleiwen. Och wann mer dëst Joër bëssi mèi frèi feieren, sou hun ech awer nach ganz vill Aarbëcht um Bockel.

Dofir bieden ech Dëch, dass du och wiirklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an daat an dènger tiptoper Wanteruniform.

Gehei dofir dèng **Souche** bis den **20.November** an mèng **Bréifkëcht** well soss verzweiflen mèng Engelcher erëm, wann së bis den leschten Moment nët wëssen wèivill Thermoskaanen mat Schoki an wèivill Boxemännecher së mer sollen anpaacken.



Léiwen Kléschen, gudden Kléschen
hei ass dem

_________________________________
also mèng Souche. Ech hun och ganz fläisseg dèng Lidder geübt, an mèngen Elteren gesoot dat ët wichteg wier den **3.Dezember 2021 an tip-topper Uniform** & um Punkt **18:00** Auer am Home ze sinn, wëlls du en gestressten Kleeschen wiers. Si kommen mëch nees fir 21:00 Auer beim Home oofhuelen.

_______________________________________________
Ënnerschrëft vun mèngen Elteren



## WEEKEND | FIR RO/TB

# ROVER - TEMBO - WEEKEND

SAVE the DATE
**‚Winter - Edition‘**

SA-SO
**4.-5.12.2021**

> mèi infos kritt der an der nächster Wandrous !

## FNEL CAMP FEDERAL | FIR SG/EX/RO



# TECHUANA 2022 | FIR SG/EX/RO/TB...

## „ Der Berg ruft"

**Jo ët ass erëm esou wäit, och dës Scouts-Joër fueren MIR nees an Techuana.**
Du frees dëch also schons drop ouni Elektrësch, Heizung an fléissed Waasser ze liewen, op Natur Pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei schurrender Gazluucht an nët ze vergiessen d'Rodelen oder onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat genee daat Richtegt fir Dëch!
Mell dëch schnell un, well du wees jo >D'Plaatzen sinn limitéiert !!!

**Wien duerf mat:** Jiddereen deen bis den 1.09.2021 > 14 Joër kruut !!!

**Start:** Freidesowes, den **11.Februar 2022** um 18h30 beim Home vun den Lions Bleus
**Zerèck:** Sonndesmoies, den **20.Februar 2022** um 11h00 beim Home vun den Lions Bleus
> Falls ëmsetzbar ! Den Datum kann nach änneren falls Vakanz 2 Wochen wier !

**Präiss:** **380 € / 575 €**
Daat heescht 380 Euros fir Transport, Iessen, Sauna/Schwämm &
déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 195 Euros fir den Skipass bezuelen.

**Am Kloertext elo:**
Basic-Pack (Programm, Transport, Iessen, Schwammen...) --> bezuelen 380 Euros.
Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen 575 Euros.
(Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover"
>>> bis spéidstens den 1.02.2022 mat der Mention "Techuana 2022 & Numm vum Participant".

**Täschegeld:** dëst Joër ginn och **50 €** duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, Mutz & Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (fir mat an den Auto mat déngen perséinlechen Saachen & fir an d'Schwämm), ...

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass 1x Mëttwochs am Home vun de Lions Bleus > De genee'n Datum kriss DU nach matgedeelt.
Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an enger Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass Du nët offiziel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech ........................................................................ erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover, Tembo

..................................................................................................
mat um TECHUANA-Wantercamp 2022 (11.-20.02.2022) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft ......................................................................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 02.10.2021 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 09.10.2021 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 16.10.2021 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 17.10.2021 | | ÄPPELSTUFF |
| 23.10.2021 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 30.10.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 06.11.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 13.11.2021 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 20.11.2021 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 27.11.2021 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 03.12.2021 | | KLEESCHEN |
| 04.12.2021 | | keng Versammlung |
| 11.12.2021 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 18.12.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 25.12.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 01.01.2022 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 08.01.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 02.10.2021 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 09.10.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 16.10.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 17.10.2021 | | ÄPPELSTUFF |
| 23.10.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 30.10.2021 | | HALLOWEEN-PARTY |
| 06.11.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 13.11.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 20.11.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 27.11.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 03.12.2021 | | KLEESCHEN |
| 04.12.2021 | | keng Versammlung |
| 11.12.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 18-20/12/2021 | | KRËSCHTCAMP |
| 25.12.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 01.01.2022 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 08.01.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 02-03/10/2021 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 09.10.2021 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 16-17/10/2021 | | VIIZ-WEEKEND & Äppelstuff |
| 23.10.2021 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 30.10.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 06.11.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 13.11.2021 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 20.11.2021 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 27.11.2021 | | BEAR GRYLLS SORTIE |
| 03.12.2021 | | KLEESCHEN |
| 04.12.2021 | | keng Versammlung |
| 11.12.2021 | 10:00-18:00 | SCHLITTSCHONG SORTIE |
| 18.12.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 25.12.2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 01.01.2022 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 08.01.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 15.01.2022 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 03-04/10/2021 | | GRUPPEN-MONTEE ab Explorer |
| 09.10.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung (EX) |
| 16-17/10/2021 | | VIIZ-WEEKEND ab EX & Äppelstuff |
| 23.10.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung (EX) |
| 24.10.2021 | | ROVER RAMBORN SORTIE |
| 06.11.2021 | | EXPLORER WANTER-HIKE |
| 07.11.2021 | | ROVER SORTIE |
| 13.11.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung (EX) |
| 20-12/11/2021 | | LBB SCHAFF-WEEKEND ab Explorer |
| 27.11.2021 | 14:00 - 16:00 | Versammlung (EX) |
| 03.12.2021 | | KLEESCHEN ab Explorer |
| 04-05/12/2021 | | ROVER-TEMBO WEEKEND |
| 18-19/12/2021 | | EXPLORER KRËSCHT-WEEK |
| 18 & 25/12/2021 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 31.12.2021 | | LBB Sylvester ab Chef |
| 01.01.2022 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 09.01.2022 | | EXPLORER SPORTS DAAG |

**Rapport Sixplo 2021**

De Rendezvous war op dem Fetschenhaff. Wéi mir do ukomm waren, hunn mir op déi aner Wëllefcher gewaart. Wou mir all versammelt waren, si mir bei een Här mat engem Zylinder gaangen, deen ons een Zauberbuch mat op de Wee ginn huet. Op der éischter Säit stoung eng Aleedung, an op der Zweeter den éischten Deel vum Wee. Op der Kaart ware giel Feiler agezeechent, deene mir nogaange sinn.
Wou mir dann op där Plaz ukomm sinn, hunn mir op déi nächst Säit ëmgebliedert. Dunn hunn mir missen ee Schal vum Harry Potter sichen, vir ze wëssen, ob mir och wierklech do waren, wou mir si missten. Wou mir dat bestätegt haten, si mir dann op d'Sich no Spillkaarte gaangen, deenen hir Wäerter mir zesummerechne missten.
Wou mir da bei der leschter Kaart ukomm waren, misste mir da ganz lues duerch d' Spannennetz vun der grousser Spann Aragog klammen. Wou mir déi Aufgab bewältegt haten, hunn mir dann nach e puer Froen op dem Harry-Potter-Froebou beäntwert. Op der nächster Säit vum Zauberbuch war schonn erëm eng Kaart, op där dëst Kéier mat enger rouder Faarf de Wee agezeechent war.
Wéi mir dann um Enn vun deem roude Wee ukomm waren an am Zauberbuch ëmgebliedert haten, misste mir Fotoen nogoen. Wou mir no der leschter Foto erëm ëmgebliedert haten, si mir op eng grouss Trap getraff, déi mir eropklamme missten. Uewen ukomm, misste mir lauter kleng Seeler zu engem groussen zesummebannen.
Dono misste mir erëm Froe beäntwerten, dëst Kéier am Buch selwer. Drënner stoung eng Beschreiwung vum Wee, deem mir elo nogoe missten. Wou mir da schlussendlech aus dem Bëschdeel vun dësem Wee rauskomm waren, hunn mir ëmgebliedert a sinn engem giele Wee nogaangen. Um Enn vun dësem Wee si mir op enger grousser Wiss rauskomm, wou mir da giess hunn. Duerno si mir weider bis zur Plaz vun der Abbaye Neimënster gaangen. Do misste mir duerch een Aangel-däin-Puzzelstéck-mat-enger selwer gemaachener-Aangel ee Codesaatz mat der Indianer-schreft entzifferen.
Duerno si mir erëm per Fotosich duerch d'Staadvéierel Clausen getrëppelt. Duerno misste mir erëm enger Kaart no tëppelen an dann den Zeechnungen no, bis mir bei een Wee mat villen Träppleken ukomm sinn. Mir missten si zielen an et waren der 109. Dann wieder den Zeechnungen no. Dann erëm e puer Kaarten an dann eng Aufgab, wou mir Bäll duerch Reefer schéisse missten.
Elo hunn mir eis op de Wee gemaach, vir op de Rousegäertchen ze kommen. Do misste mir nach Memory gespillt an dunn hunn mir där Fra, déi de Memory preparéiert hat, onst Anti Covid-19 Zaubersproch verroden an erkläert. An dunn war et fäerdeg a mir goufe vun eisen Elteren ofgeholl.

**Yari Helminger**, Blummendall, 1te Mee 2021











# RAPPORT BearGrylls | SCOUTEN (SG)



Mir hun eis Samsdes den 1.Mee um 9 Auer beim Hôtel Siewebuergen getraff. Dann hun mir eis d'Gepäck opgedeelt an sinn an den Bësch bei eng Feierplaaz gaang. Fir d'éischt hun mir en Biwack opgeriicht, a well eis Baurenfissel net deck genuch war an stenneg gerass ass, hun mir zwou riisen Tretzen gemaach. Duerno war eis och waarm, well mir die ganzen Zäit vum Kiara ugefeieert gi sin. Wie eisen Biwack stung an eis Rucksäck geschütz firum Reen waren, hun mir eis dann an zwou Gruppen opgedeelt. Dei eng Grupp huet en grousst Feier fir ze kachen gemaach, an die aner Grupp huet ungefaang, eng Hütt ze bauen. Fir d'eist hun mir probéiert eng Leonardo-Breck an eng Konstruktioun mat "geflechtenem" Holz ze maachen. Awer well dat just op der enger Sait gehal huet an mir schon zimlech vill Zäit verluer haten, hu mir et op der enger Säit gesetzt. An der Tëschenzäit haten di aner schon d'Iessen fäerdeg gamaach. Et gouf en ganz gudden vegetareschen Curry. Nom Mëttegiessen hun d'Cheffen eis nach selwergebaackenen Nosskuch zerveiert. Am Nometteg kruuten mir erklärt wéi eng Planzen een am Bësch iessen kann an wéi eng net.

Duerno hun mir eis Saachen erëm mat aus dem Bësch geholl an sinn Richtung Parking gaangen. Um 5 Auer goufen mir dann vun eisen Elteren oofgeholl. Et war eng flott Sortie an mir haaten vill Spaass.

**Amélie**





# RAPPORT Funday | BEAVER (BV)



Och dës Joer haaten d'Beaver een Beaverfunday. Fir sëch den speziellen Konditiounen unzepassen, ass den Beaverfunday op 2 Deeg opgedeelt ginn mat jeeweils 3 verschidden Weeër wou een sëch an Equipen umellen misst. Den Bibu huet d'Beaver agelueden mat him den Bësch um Briddel, Houwald oder zu Mamer ze entdecken! Eis motivéiert Cheffen waren sur Place an hun verschidden Posten fir d'Beaver fiirbereed. Dorënner woren Teambuilding spiller, Béchsen schéissen, Bësch lauschteren an Landart. All Colonie kruut eng Kaart mat engem markéierten Wee deen d'Beaver mat hieren Cheffen ooftréppelen sollten. Een Chef an all Grupp kruut e Saack mat lauter verschidden Spiller an Aktivitéiten déi si während dem Wee spillen konnten. Do-rënner wor 1 Memoryspill mat Déierespueren, e Spill wou een den richtegen Foulard mam Grupp zesummesetzen misst an eng Bësch-Akaafslescht. Fir d'Mëttegplaatz konnten d'Beaver sëch selwer raus sichen wou së sëch am Bësch wollten nidderloossen fir nees Energie opzetanken! All Grupp konnt sëch säin Rendez-Vous an säin Schluss selwer raus sichen, sou dass den Funday fir Jiddereen aaneschters wor. Mee den Spaß wor bei all Grupp selwecht! **HAWKY**









# FIESTA
## MEXICANA

**3.7.21**





*„Hola! Mir wollten iech Merci soën fir de gelongen mexikaneschen Owend. Et war witzeg, di eenzel Performancen ze kucken, mir hu gudd giess, gepotert a gelaacht zu 3 Familien an mir wëssen äert Engagement ze schätzen.“*

















# RAPPORT Pow-Wow | vum GRUPP





Den 11. Juli war ët endlëch nees esou wait. En neien POW-WOW war ugesot, mee och dëst Joër leider an verännerter Form. All Grupp huet sëch bei séngem eegenen Home getraff an och d'Branchen hun missen zu ënnerscheedlechen Zaiten kommen. Esou huet ët Moies fir d'Beaver an d'Wëllefcher géint 9 Auer mat enger kurzer Usproch iwwer een Livestream ugefaangen, dësen huet eis och den ganzen Daag Fotoen & Video'en vun all den aaneren Gruppen gewisen. Dono konnt ët lassgoen an ët goung dorëms esou vill wéi méiglech kleng Challengen ze léisen an dës an Hand vun Foto'en un d'FNEL ze schécken. All gepackten Challenge huet dann dozou geféiert, dat bei der FNEL e Fändel en bëssen méi héisch erop gezunn ginn ass. Um Ënn vum Daag sollten Fändelen duerch d'Hëllef vun all den Gruppen ganz erop gezunn ginn sinn. Fir d'Challengen ze léisen, hun mir zum Beispill all een Corona-Tatoo opgemoolt kritt, een Landart gemaach oder och verschidden Geschécklëchkeetsaufgaaben geléist. Géint 12 Auer war dann fir d'Beaver an d'Wëllefcher den POW-WOW leider schon nees eriwwer an Sie sinn vun hiiren Elteren oofgeholl ginn. Mee ganz eriwwer war ët dann awer nach nët, well um 14 Auer d'Scouten an d'Explorer komm sinn. Och bei hinnen huet ët mat enger klenger Usproch ungefaangen an ass dann mat den Challengen weidergaangen. Sie hun zum Beispill missen een Bou an Pfeil aus Holz bastelen, mee awer och een Feier unmachen an nach vill weider Aufgaaben. Um Ënn vum Dag hun mir zimlech vill Aufgaaben gepackt an een flotten POW-WOW gehaat, och wann mer en leider net All ze zesummen konnten verbréngen. **Tasha**











# RAPPORT Mowglica | WËLLEFCHER (LX)

**20.07.2021**
Den 20. Juli hun sëch eng 12 Lions Bleus an baal souvill Deckelsmouken getraff, fir zesummen zu Déifferdéng een flotten Camp an engem Souscamp ze verbréngen.





**21.07.2021**
Um 1.Daag vum Camp ass ët direkt Richtung ‚Baggerweier' gaangen. Do ukomm sinn mir den Biodiversum erkunden gaangen. Dono hun mir vum Summer provitéiert, andeems mir an den Baggerweier schwammen gaangen sinn!







**22.07.2021**
Den 2.Daag haaten mir d'Campplaatz fir eis ganz alleng, hun eisen Moien verbruecht andeems mir 2 flott Bastelen gemaach hun. Mettes konnten mir eng gudd selwergemaaten Pizza iessen an duerno hun mir eng Olympiad gemaach fir eis Pizza gudd kënnen ze verdauen.





# RAPPORT Mowglica | WËLLEFCHER (LX)

**23.07.2021**
Den 3.Daag woren mir zu Esch ënnerwee, do sinn mir Moies an den Déiernpark um Galgenbierg gaangen. Dono ass ët weidergaangen an d ´ Staat selwer wou eng gudd Glace giess ginn ass an mir dann bëssen Konscht gemaach hun beim Haricot.








**24.07.2021**
Op dësem Daag sinn mir Ufanks zu Déifferdéng bliwwen fir dono an den Sciencecenter ze goën. Wéi ët sëch fir den Minette gehéiert, sinn mir dono zu Lasauvage an eng Minn gaangen an hun eis do gudd am Reen amuséiert.




# RAPPORT Mowglica | WËLLEFCHER (LX)

**25.07.2021**
Den leeschten vollen Daag hun mir wéi ët sëch fir Scouten och gehéiert een gudden Trajet gemaach. An eben genee esou wéi ët sëch fir d'LionsBleus gehéiert, hun mir deen Trajet mat Lénks gemaach an woren séier nees zeréck op eiser Campplaatz. Owes haaten mir dann déi offiziell Oofschlosszérémonie fir den Mowglica, wou ët dann gudden Kuch gouf.










**26.07.2021**
Um leeschten Daag hun mir alles agepaack an sinn gaanz midd mee gaanz zefridden Heem gaangen.




# RAPPORT RO-Rallye | ROVER (RO)

**Sonndes den 16. Mëe** ass een flotten Rover Dag fir all d'Rover vun der FNEL organiséiert ginn.
Dofir hun mir eis fir 13 Auer um Fetschenhaff getraff an no enger kurzer Viirstellungsronn ass ët och schon lass gaang. Insgesamt waren mir 8 Rover an 3 dovunner woren Lions Bleus.
Mir hun dun mat engem Actionbound duerch d'Staadt ungefaang bei deem mir och ënneraanerëm déi eng oder aaner Aufgaab hun missten erfëllen oder Froën beäntwerten. Ënnerwee haaten mir dann och nach puer Posten, och wann mir een nët fonnt haaten ;)
Géint 17 Auer woren mir dann erëm beim FNEL Home um Cents an ët goung wieder mam Outdoorcooking.
Ët gouf: Chili con Soja an Fladenbrot, dat mir um Lagerfeier selwer gebroden hun. Béides wor wiirklech lecker.
Mir hun dann den Owend gemiddlech beim Lagerfeier mat Marshmallows ausklëngen gelooss, bis ët dann um 21 Auer eriwwer wor.

**TASHA**





# WOSM & FNEL NEWS

fnel
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

16.07.-31.08.2022
CAMP FÉDÉRAL an Schweden

| | |
|---|---|
| 09.-10.10.2021 | LX FormationsWeekend |
| 15.10.2021 | SG/EX FormationsSoirée |
| 16.-17.10.2021 | Jota-Joti |
| 22.10.2021 | FormationsSoirée BV |
| 30.10.-02.11.2021 | FormationsCamp SG/EX |
| 03.-06.11.2021 | FormationsCamp BV |
| 03.-06.11.2021 | FormationsCamp LX |
| 06.11.2021 | EX WanterHike |
| 13.-14.11.2021 | Tronc Commun 1 |
| 24.11.2021 | CoGro |
| 17.12.2021 | WinterWonderLand |
| 18.12.2021 | RO KrëschPatt op der Rumm |
| 09.01.2022 | EX SportsDaag |
| 15.-16.01.2022 | Tronc Commun 2 |
| 22.-23.01.2022 | Tronc Commun 3 |
| 22.01.2022 | TB Mr.X |
| 26.01.2022 | CoGro |
| 29.-30.01.2022 | CH City Trip |

# ET SCHÉNGT ...

01)dat e puer anciens Cheffen déi an der Schwaiz studéiert hun, den Wee nees zréck fonnt hun bei LBB.
02)wéi wann puer Responsabel aus dem Staff een sauflotten Krimi Dinner fir Cheffen organiséiert haaten.
03)wéi wann d'LionsBleus um Roverquiz'21 mat 2 Ekkippen am Thema ‚FuesCroisière' matgemaach haaten.
04)dat mer eis letzt Scoutsjoer eng hun missen anfaalen loossen fir iwwerhaapt een Léiwefest ze feieren.
05)wéi wann eis Mäx'chen no e puer Joer & Versich, elo endlech sain Animateur Diplom an der Täsch huet.
06)dat leider och dës Joer daat Thema COVID&co na wärt verfollegen an mir eis u Regelen haalen mussen.
07)wèi wann Charte ‚Zesummen Wuessen' no enger Testphase vun 3 Joër elo ab September ëmgesaat get.
08)wèi wann bei der FNEL den alleréischten Permanent ‚alias Pit' no 30 Joër Engagement an Pension geet.
09)dat dësen Summer dann endlech nees een flotten Camp fédéral unsteet, fir Jiddereen ab Scoutsalter...
10)wèi wann den Comité & LB Shop Léit sëch eng anfaalen gelooss hun fir den Start vum Scoutsjoër 2021.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01)wèi wann Sie lo och hei zu Lëtzebuerg schaffen ginn an demnächst op TemboAktivitéiten dobai wieren.
02)dat dësen OnlineEvent gudd ukomm wier, vill Spaass um Start wor an Jiddereen sain Role gespillt huet.
03)dat MamerWiselen daat super organiséiert hun trotz OnlineMeeting, Ausgangssperr&max zu 2 doheem.
04)dat eis Formule 'LF à la Mexiko > goe's Home' gudd ukomm ass an eis Frënn flaisseg matgemaach hun.
05)wéi wann hien sou frou wor an dorop's hin glaat den RV vun der Diplomiwwereechnung verpasst haat :)
06)dat mir eis nët dorunner stéieren wärten an all ‚méiglchen' Scoutsprogramm wärten fir 21-22 unbidden.
07)dat Altersstufen ungepasst ginn, Tembo lo offizialliséiert sinn an ALL Member vun 21+ elo een TB ass:)
08)dat mir dem ‚Ours bienvivant' nëmmen daat Bescht op séngem weideren nach laangen Wee wënschen.
09)wèi wann ët Enn Juli'2022 an Schweden soll goën an een sëch deen Datum schons 1x soll opschreiwen!
10)dat den 23.10.2021 den klassegen LB Shop op ass, mee paralell och een SecondHand organiséiert gët.

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam.Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeyer Berthe, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, Anonyme TS, Fam.Hebeler-Simon, Fam.Konsbruck-Droulans, Fam.Rod-Keller, ...

# AGENDA | Oktober - Dezember

| oktober'21 | | | november'21 | | | dezember'21 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Fr | 1 | | Me | 1 | | Më | 1 | |
| Sa | 2 | **GRUPPEN-MONTEE** | Dë | 2 | | Do | 2 | |
| So | 3 | **GRUPPEN-MONTEE** | Më | 3 | | Fr | 3 | **LBB KLEESCHEN** |
| Me | 4 | | Do | 4 | | Sa | 4 | keng Versammlung<br>**RO-TB Weekend** |
| Dë | 5 | | Fr | 5 | | So | 5 | **RO-TB Weekend** |
| Më | 6 | | Sa | 6 | **FNEL EX WanterHike** | Me | 6 | |
| Do | 7 | | So | 7 | **RO Sortie** | Dë | 7 | |
| Fr | 8 | | Me | 8 | | Më | 8 | |
| Sa | 9 | BV/LX/PV/R-EX | Dë | 9 | | Do | 9 | |
| So | 10 | | Më | 10 | | Fr | 10 | |
| Me | 11 | | Do | 11 | | Sa | 11 | BV/LX/R-EX<br>**SG Sortie** |
| Dë | 12 | | Fr | 12 | | So | 12 | |
| Më | 13 | | Sa | 13 | BV/LX/TV/R-EX | Me | 13 | |
| Do | 14 | **Oppene COMITÉ** | So | 14 | | Dë | 14 | |
| Fr | 15 | | Me | 15 | | Më | 15 | |
| Sa | 16 | BV/LX<br>**SG-TB Viiz-Weekend** | Dë | 16 | | Do | 16 | **COMITÉ** |
| So | 17 | **SG-TB Viiz-Weekend**<br>**& Äppelstuff fir Jiddereen** | Më | 17 | | Fr | 17 | **FNEL WinterWonderLand** |
| Me | 18 | | Do | 18 | **COMITÉ** | Sa | 18 | **LX KrëschtCamp**<br>**EX KrëschtWeekend** |
| Dë | 19 | | Fr | 19 | | So | 19 | **LX KrëschtCamp**<br>**EX KrëschtWeekend** |
| Më | 20 | | Sa | 20 | BV/LX/PV/R-EX<br>**LB SchaffWeekend** | Me | 20 | **LX KrëschtCamp** |
| Do | 21 | | So | 21 | **LB SchaffWeekend** | Dë | 21 | |
| Fr | 22 | | Me | 22 | | Më | 22 | |
| Sa | 23 | BV/LX/TV/R-EX<br>LB Shop & SeconHand | Dë | 23 | | Do | 23 | |
| So | 24 | **RO Sortie** | Më | 24 | | Fr | 24 | |
| Me | 25 | | Do | 25 | | Sa | 25 | |
| Dë | 26 | | Fr | 26 | | So | 26 | |
| Më | 27 | | Sa | 27 | BV/LX/R-EX<br>**SG Sortie** | Me | 27 | |
| Do | 28 | | So | 28 | | Dë | 28 | |
| Fr | 29 | | Me | 29 | | Më | 29 | |
| Sa | 30 | **LX HalloweenParty** | Dë | 30 | | Do | 30 | |
| So | 31 | | | | | Fr | 31 | **LBB Sylvester** |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

Sou een Onwieder bréngen d'LBB nët aus dem Schwong, dann get fëx 1 Tonn Sand kaaf an an Säck gefëllt fir eisen HOME ze protegéieren :)



*** THATS ALL FOLKS ...**